N°388
Entrée le 23.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Bis elo war et esou, dass verschidden Enseignanten hiert Déier, zum Beispill hiren Hond, konnte mat an d'Schoul an an hir Klass huelen. Elo soll et awer esou sinn, dass a verschiddene Schoulen d'Enseignanten hiert d'Déiere guer net méi dierfe mathuelen. An aner Schoulen dierfen nëmmen nach speziell ausgebilten Hënn mat engem Brevet matgeholl ginn. Hei dierfen dann och keng Hënn déi an der Ausbildung sinn méi eran.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass et a verschidden Schoulgebaier hei am Land dem Enseignant net méi erlabt ass, fir säin Déier mat an d'Schoul ze huelen?
   Wa jo, firwat dierfen a verschiddene Gebaier keng Déiere méi matgeholl ginn?

2. Ginn et Reegel, ënnert wéi enge Konditiounen Déiere mat eng Schoul dierfe geholl ginn? Wa jo, wéi eng sinn dat?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 388 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

Enseignement fondamental

No Réckfro bei de Regionaldirektioune léisst sech festhalen, datt keng Direktioun e generelle Verbuet ausgeschwat huet, deen et den Enseignanten net méi géif erlaaben, een Déier mat an d'Schoul ze huelen. D'Konditiounen, déi mussen agehal ginn, fir een Déier dierfe mat an d'Schoul ze huelen, variéiere jee no Déier an et ass un de Regionaldirektiounen, fir eventuell Demandë vun Enseignanten ze analyséieren, fir duerno ze préiwen, ënnert wéi enge Konditiounen d'Interventioun vum Déier am schoulesche Kontext kéint stattfannen.

Am Enseignement secondaire ass et grondsätzlech net üblech, datt en Enseignant en Déier mat an d'Schoul bréngt. Sollt dëst de Fall sinn, muss et vun der Direktioun autoriséiert ginn. Dobäi applizéieren sech déi allgemeng Sécherheetsreegelen.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH